Habscht, 29. November 2023

# Aktioun Télévie – Centre de promesse 2024
# Informatiounsversammlung

Dir Dammen an dir Hären,

Den Télévie huet sech als Zil gesat fir d'Recherche géint de Kriibs a speziell d'Leukämie bei de Kanner an den Erwuessene virun ze bréngen.

D'Häerz vum Télévie ass d' Symbol vun Ärer Generositéit an Ärer Solidaritéit mat de Fuerscher an den Dokteren, déi Dag fir Dag géint de Kriibs kämpfen, fir kranke Mënschen eng Zukunft ze ginn.

**Samschdes, den 20. Abrëll 2024 mobiliséiert sech ganz Lëtzebuerg erëm fir den Télévie an deen Dag ass en Centre de promesse an der Gemeng Habscht.**

Duerfir invitéiere mir all Veräiner, Associatiounen, d'Schoul, d'Maison Relais, an natierlech d'Awunner aus eiser Gemeng, sech solidaresch ze weisen a sech mat der Gemeng un dëser Aktioun ze bedeelegen.

**Eng Informatiounsversammlung ass en Méinden, 11. Dezember 2023 um 19:30 Auer am klengen Sall vum Centre Polyvalent zu Habscht mam Diane Wunsch, Coordinatrice vum Télévie a Patrick Greis vum RTL.**

Et wier schéin Iech do begréissen ze kënnen, fir datt mir zesummen e flotte Programm opstellen. Ween also eng Idee huet fir eng flott Aktioun, soll se deen Owend roueg matbréngen.

Umellen kënnt Dir Iech **iwwer E-mail un *Comite@Televie-Gemeng-Habscht.lu*** respektiv **iwwer GSM op den Nummeren *+352-621238089 oder +352-621141396.***

Gitt der Hoffnung eng Chance an maacht mat beim Télévie.

Villmools merci am Viraus. Mir freeën eis iwwert är Ënnerstëtzung!

Den Organisatiouns-Comité

Habscht, le 29novembre 2023

**Action Télévie – Centre de promesse 2024**
**Réunion d'information**

Mesdames, Messieurs,

Le Télévie s'est fixé comme objectif de faire progresser la recherche contre le cancer et en particulier la leucémie, chez les enfants et les adultes.

Le Coeur du Télévie est le symbole de votre générosité et de votre solidarité avec les chercheurs et les docteurs, qui se battent au jour le jour contre le cancer afin d'offrir un avenir aux gens atteints de cette grave maladie.

**<u>Le samedi 20 avril 2024</u>, le Luxembourg se mobilise à nouveau pour le Télévie et un centre de promesse fonctionnera dans la commune de Habscht.**

Dans cette perspective, nous invitons toutes les associations, l'Ecole, la Maison Relais et tous les résidents de notre Commune à se montrer solidaires et à participer avec la Commune à cette action.

**A cette fin, une réunion d'information, avec la participation de Madame Diane Wunsch, Coordinatrice du Télévie et Monsieur Patrick Greis de RTL, aura lieu <u>le lundi 11 décembre 2023 à 19h30 dans la</u> <u>petite salle du Centre Polyvalent à Hobscheid</u>.**

Nous serions ravis de pouvoir vous y accueillir et d'établir ensemble un programme varié. Ce sera en même temps l'opportunité de déjà partager d'éventuelles idées par rapport à des actions/initiatives à mener.

Vous pouvez vous inscrire **par mail à l'adresse** ***Comite@Televie-Gemeng-Habscht.lu*** ou **par téléphone aux numéros** ***+352-621 238 089 ou +352 621 141 396.***

Donnez une chance à l'espoir et participez au Télévie.

Un grand merci d'avance. Nous nous réjouissons de votre support.

Le Comité d'organisation